**Evangelium vum 28. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 22,1-10** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 De Jesus huet den Hohepriister
an deenen Eelste vum Vollek dat heite Gläichnes erzielt:
2 "D'Himmelräich ass ze vergläiche mat engem Kinnek,
deen alles fir sengem Jong seng Hochzäitsfeier an d'Rei gemaach huet.
3 Hien huet seng Kniecht erausgeschéckt,
fir d'Gäscht op d'Hochzäit ze ruffen,
ma d'Gäscht wollten net kommen.

4 Nach eng Kéier huet hie Kniecht dohi geschéckt
an hinne gesot: 'Sot de Leit, déi geruff sinn:
Kuckt, ech hunn d'Iesse virbereet,
meng Ochsen a meng Maschtdéiere si geschluecht,
an alles ass prett;
kommt op d'Hochzäit!'
5 Verschiddener hunn net dorop reagéiert a sinn hirer Wee gaang,
sief et op hiert Feld,
sief et an hire Buttek;
6 anerer hunn seng Kniecht geholl,
si gepéngegt
an si doutgemaach.

7 Dueropshin ass de Kinnek rose ginn,
hien huet seng Arméie geschéckt,
huet déi Mäerder ëmbruecht
an hir Stad a Brand gestach.

8 Du sot hien zu senge Kniecht:
'Et ass zwar alles prett fir d'Hochzäit,
ma déi Leit, déi geruff waren, waren es net wäert.
9 Gitt duerfir eraus op d'Landstroossen
a rufft jiddereen, deen dir fannt, op d'Hochzäit!'

D'Kniecht sinn eraus op d'Landstroosse gaang,
an si hunn all déi zesummebruecht, déi si fonnt hunn,
Béiser a Gudder,
an d'Plazen um Hochzäitsdësch sinn all besat ginn."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*